Naturschoul Lasauvage – Technikschoul Déifferdeng

1. **Zeitung "Natur an Technik"**

Dëst Joer ka leider keng Zeitung publizéiert ginn, well mir nëmme Material vun zwou Klasse kritt hunn, déi hier Visitt an der Naturschoul dokumentéiert hunn. Dat ass schued, trotzdeem ee grousse Merci un die Leit fir hier Aarbecht.

Mir hoffen d'nächst Joer da méi Material kënnen ze sammelen an dann eventuell erëm eng Zeitung kënnen ze veröffentlechen.

2. **Naturquiz 2018**

Den Naturquiz organiséiert d'Naturschoul schonn iwwert 20 Joer. Et handelt sech ëm ee Quiz dee mir mat den Opléisunge fir den Enseignant an d'Cycle 4;1 ginn. Di zwee bescht Schüler aus all Klass ginn op ee flotten Ausfluch zum Schluss vum Joer invitéiert. (Kofferminen, Schieferminen, Euro Space Center, Grottes de Han etc.....) Leider musse mer feststellen dat an deene leschte Joren och ëmmer manner Klassen do matgemaach hunn. Wann et Grënn dofir gëtt wiere mir frou dovunner ze héieren, well fir eis ass d'Organisatioun vun esou engem Ausfluch mat Kanner aus verschiddene Klassen mat vill Aarbecht verbonnen.

3. **Sondage Natur- an Technikschoul**

Am Hierscht wëlle mer iwwert déi verschidde Comitéen an de Gebaier ee Sondage iwwert d'Natur- an d'Technikschoul erausginn (anonym) an deem d'Enseignanten alleguer hier Meenung zu eisen Angeboter kënne ginn, konstruktiv Virschléi zur Verbesserung vun eiser Offer kënne maachen an eventuell ugi firwat mir e Réckgang u Participatioun bei Projet'en vun eis bemierken (Ausstellungen, Rallye'en, Naturquiz, Zeitung etc...)

4. **Umeldungen fir 2018-2019 an der Naturschoul an an der Technikschoul**

Fir dëst Schouljoer ass de Planning fäerdeg.

Ab dem 16. Juli 2018 kënnt dir iech dann och erëm fir dat nächst Schouljoer aschreiwen.D'Enseignantë vum Precoce solle mat hirer Umeldung fir an d'Technikschoul bis den Hierscht waarden. Do gëtt et divers Changementer.

Déi ganz Equipe vun der Naturschoul Lasauvage an der Technikschoul Déifferdeng wënscht iech elo schonn eng flott an erhuelsam Summervakanz.